LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 24 SEP. 2020

REÇU
Par Christine Wirtgen , 10:56, 24/09/2020

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°2715 du 24 août 2020 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen, concernant le trafic de poids lourds dans le Nord du Pays, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n°2715 vum 24. August 2020 vum éierbaren Deputéierten Här Jeff Engelen iwwert " Trafic de poids lourds dans le Nord du Pays"

Et ass richteg dass verschidde Camionen, déi op Lentzweiler wëlle fueren, d'Streck huelen déi vun hirem Navigatiounssystem virgeschloe gëtt, an dass doduerch hire Wee dann een aneren ass wéi wa se der Stroossebeschëlderung géifen nofueren. Obwuel d'Stroossebauverwaltung a Kontakt mat Navigatiounshiersteller steet, huet si awer keen Afloss op d'Aktualiséierunge vun deene verschiddenen Navigatiounssystemer an de Gefierer a wat do ugewise gëtt. Et ass allerdengs sécherlech keng Léisung, all déi Strecken, op déi eventuell eemol e Camion vu sengem Navi geschéckt gëtt, fir de Schwéierverkéier wëllen ze spären..

Als méiglech Direktmoossnam fir d'Problemer mam Schwéierlaaschtverkéier op den net gewënschte Strecken ze entschäerfen, ass d'Stroossebauverwaltung amgaang ze kucke fir virun de Kräizunge Maulesmillen - Sassel an Aasselbuer - Boxer, wou d'Camionen duerch hiren Navi op déi Alternativstroosse geleet ginn, eng „Direction obglitatoire" Beschëlderung fir den Aller-retour zur Lentzweiler Industriezon ze maachen, esou wéi dat och anerwäerts schonns gemaach gouf. Camionschaufferen, déi sech net un de virgeschriwwene Wee halen, mussen da mat Strofe rechnen.

Wann d'Transversale vu Klierf bis fäerdeg ass (geplangt am Joer 2023), kann de Schwéierlaaschtverkéier vun der N7 direkt iwwert d'Transversale a Richtung Lentzweiler fueren, wat fir all déi méi kleng Stroosse ronderëm eng Entlaaschtung bedeit.